N°1624
Entrée le 04.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg gëtt Aangele vu ville Leit als Hobby ausgeüübt. Et kann een doriwwer diskutéieren, ob d'Fänke vu liewege Fësch, fir se dout ze maachen, erlaabt soll sinn oder net. Am Sënn vum Déiereschutz ass et awer, esou, dass d'Déiere respektéiert sollte ginn. Et gesäit een awer oft mol Aangler, déi de gefaangene Fësch net richteg behandelen, dem Déier onnéideg Wéi dinn oder Stress zoufügen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°3304 vum Dezember 2020 gouf een Tableau mat der Unzuel u Fëscherschäiner presentéiert. Kann de Minister dësen Tableau mat den Donnéeë fir d'Joren 2021 bis 2024 ergänzen?
2. Wäert dës Regierung een nationalen obligatoreschen Angelschein aféieren, soudass Leit, déi zu Lëtzebueg dem Aangleen als Hobby wëllen nogoen, virop een Angelcours mussen absolveieren, ewei et schon bei eisem däitschen Nopper den Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten